N°939
Entrée le 26.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.06.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/06/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Sougenannte Verkéiersspigel fënnt een aktuell nach op villen vun eise Stroossen a Kräizungen. Leider fënnt een zu Lëtzebuerg och nach vill Kräizungen, déi ënnert anerem och wéinst hirer Oniwwersiichtlechkeet eng Gefor fir d'Participanten am Stroosseverkéier duerstellen.

Op lokalem Niveau sinn et d'Gemengevertrieder déi oft am beschten esou Geforeplazen kënnen identifizéieren. An dëse Fäll kann e Verkéiersspigel hëllefen. An der rezenter Vergaangenheet ginn awer Demandë vu Gemenge bei der Administration des ponts et chaussées ofgeleent. Offiziell heescht et, dass esou Verkéiersspiggel net méi placéiert dierfe ginn. Laut eisen Informatioune geschitt dëst, well déi genannte Spigel keng präzis Aschätzung vun der Distanz vun den Autoen op de betreffende Kräizungen erlaben. Aus Mangel un Alternative bleiwen d'Geforen op dëse Plazen also bestoen. Zousätzlech stelle mir fest, dass a ville Gemengen déi existent Spigelen weder ersat nach fortgeholl ginn.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi positionéiert sech de Ministère vis-a-vis vun dëser Problematik?
2. Kann de Ministère de genannte Grond sou konforméieren ? Falls jo, aus wéi enge Grënn ginn dann déi existéierend Spigelen net fortgeholl ?
3. Kann de Ministère eis soen, ob et Iwwerleeunge fir Alternativen zu dem Verkéiersspigel ginn ? Falls jo, wéini kennen dës agesat ginn ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten

N°939
Entrée le 06.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro N° 939 vum 26. Juni 2024 vun den Hären Deputéierte Marc Goergen a Ben Polidori.**

*Fro 1: Wéi positionéiert sech de Ministère vis-a-vis vun dëser Problematik?*

De Ministère kennt d'Problematik vun oniwwersiichtleche Kräizungen an et besteet en Aarbechtsgrupp vun der Staatlecher Verkéierskommissioun, deen eng grëndlecher Analys vun all eenzel Ufro fir Verkéiersspigele mécht.

D'Demandë fir Verkéiersspigele z'installéiere gi vu Ponts et Chaussées an an der staatlecher Verkéierskommissioun analyséiert, wann dës op Staatsstroosse virgesi sinn. Dës Analyse ginn duerchgefouert opgrond vum Gesetz iwwert d'Permissions de voirie. D'Demandë fir d'Installatioun vun néie Spigele betreffe souwuel Stroossen mat schlechte Siichtverhältnisser, a Kéieren a Kräizunge wéi och Accès'e vu Privatleit op eng Staatsstrooss.

Ganz allgemeng gëtt d'Méiglechkeet vun engem Spigel just a Betruecht gezunn, wann all aner Moyen'e fir d'Visibilitéit ze verbesseren ausgeschöpft goufen. Dozou gehéieren zum Beispill d'Ewechhuele vu Parkplazen, d'Erneierung vum Marquage oder d'Upassung vu Gréngsträifen, Hecken asw. D'Nodeeler vun engem Verkéiersspigel ass dass si d'Aschätzung vun der Distanz an der Vitesse vum Verkéier erschwéiere kënnen, besonnesch well et verschidde Fabrikater mat ënnerschiddlechen optesche Verzerrunge gëtt. Anerersäits si Verkéiersspigelen ufälleg fir reduzéiert Visibilitéit duerch Knascht, Reflets, Reen, Niwwel, Äis asw.

Aus all dëse Grënn ginn d'Demandë fir Spigele fir Privataccès'en déi op ëffentlechem Terrain solle gestallt gi grondsätzlech net autoriséiert. D'Spigele solle, wann iwwerhaapt néideg, op de privaten Terrain gestallt ginn.

Wat Kräizungen an oniwwersichtleche Kéieren ugeet, sou muss vu Fall zu Fall gekuckt ginn, ob e Spigel eng Verbesserung vun der Visibilitéit duerstellt oder net. Eng confortabel Siicht ass awer nëmmen ee vun de Parameter, deen a Betruecht geholl gëtt a wann den Asaz vun engem Spigel zweifelhaft ass, gëllt et éischter drop ze verzichte wéi den Autofuerer e falscht Gefill vu Sécherheet ze vermëttelen.

*Fro 2: Kann de Ministère de genannte Grond sou konforméieren ? Falls jo, aus wéi enge Grënn ginn dann déi existéierend Spigelen net fortgeholl ?*

All nei Amenagementer ginn zanter enger Rei vu Jore schonn no den uewegenannte Critèren analyséiert. Bestoend Spigelen déi an der Vergaangenheet eng Autorisatioun krut hunn, ginn net automatesch ewechgeholl mee mussen am Fall vun enger Ännerung vum Ëmfeld nei analyséiert a gegeebenenfalls ewechgeholl ginn.

*Fro 3: Kann de Ministère eis soen, ob et Iwwerleeunge fir Alternativen zu dem Verkéiersspigel ginn ? Falls jo, wéini kennen dës agesat ginn ?*

Jo, et ginn Iwwerleeunge fir Alternativen zu Verkéiersspigelen. Den Aarbechtsgrupp mécht normalerweis Virschléi fir alternativ Léisungen, wéi zum Beispill Hecken oder Parkplazen ewechhuelen, fir d'Siicht ze verbesseren. Dës Alternative gi vu Fall zu Fall analyséiert a kënne variéiere jee no de spezifesche Bedéngungen op der Plaz. D'Zil ass et, méi sécher a praktesch Léisungen ze fannen.

Dovunner ofgesi, ginn all nei Stroossen a Gebaier haut sou geplangt, dass fir eng genügend Visibilitéit vu vir eran och ouni Spigele gesuergt ass.

Lëtzebuerg, den 6. August 2024

D' Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes